



Statistik a Sprooch

Statistik ass eng respektabel Wëssenschaft fir sech ; **si ass hirem Ausdrock no 'statesch', also net onbedéngt 'lieweg'**, éischer sprooch, eng Saach vu Gerechens, vu ‚repräsentativer‘ Émfro, plazeweis vu spezieller Mathematik.

Wann et ëm d'Sprooch geet, dann ëm eppes Lieweges, eppes dat ‚pulséiert‘, d'ganz Zäit ‚wibbelt‘. De Phenomän Sprooch fënnt sech an der Famill, de méi enken an erweiderte Liewensmänn a -raim, der Noperschaft, de Bekantschaften a Frëndschaften, der Schoul, dem Beruff...

Famill: Et ass net egal, ob déi zwee Elteren eng oder verschidde friem Sprooch schwätzen, z.B. Franséisch/ Englesch, Portugisesch/ Italiénesch, Franséisch/ Hollännesch, a **wat/wéi/wéini d'Letzebuergesch da quantitëits- a qualitëitsmëisseg fir eng Roll bei deene Mëschunge spillt**; och mam intellektuellen Niveau bannent der Famill huet et ze din; dann nach eng ganz Partie Froen, déi ee sech an deem Zesummenhank soll/muss stellen...bonjour Statistik.

Hei stéisst och déi bescht Statistik un hir Grenzen; si ass op kee Fall als ‚absolutt‘ ze kucken. **Sprooch kann net ‚statesch‘ erfaasst gi wéi Elementer, déi mat Ziffer-Zoustänn ze dinn hunn.** Wéi soll ech z.B. statistesch/statesch ze pake kréien, zu wéivill Prozent eis Sprooch a Famille gebraucht gëtt, wéini an ënner watfir engen Émstänn; mat wéini, wéini a wéivill Kanner matenee poteren a spillen; wéi et mat der gudder oder manner léiwere Noperschaft steet...do kann een nëmmen ‚unhuelen‘, knapps stramm statistesch drugoen.

Eis haapt- geschriwwen a gedréckte Medien (Zeitungen, Billerhebdoen) sinn nun emol majoritär op Däitsch; an de geschriwwene Kommentären op RTL-LU ass et ëmgedrënt...just dat wier statistesch feststellen, de perséinlechen a familiäre Gebrauch ass e ‚Flou‘, dee géint all statistesch Prinzipie steet.

Statistesche Opstellung maachen och keen Ophiewes vun der generationeller Entwécklung resp. Situatioun. Wéivill Dausende vu Letzebuurger gëtt et da mat engem italiéneschen Numm, déi kee Paff Italiénesch méi schwätzen, emol keent kënnen, wéi z.B. de gudder Mars di Bartolomeo selwer seet? Grad esou ass/geet et mat eise portugisesche Matbierger, wou mir et ewell mat 3 Generatiounen ze din hunn...mir kennen alleguer **Letzebuurger mat polneschen, russeschen, hollänneschen an e sëllechen anere ‚friemen‘Nimm, déi zënter de leschten 150 Joer hei ‚hänke‘ bliwwen an ‚doheim‘ si ginn**; déi Émstänn sinn nach ni historiesch-statistesche ‚op der Lee‘ gewiescht, schued.

Vu bausst de Grenzen op Letzebuerg gekuckt, spillt eis Statistik natierlech eng déck Roll; mä well et esou ass wéi et ass, ginn et do **déi krommenolegst Meenungen iwwer eis Sproochsituatioun**...déi nun emol, ‚niewebäi gesot‘ eng vun de beschte vun der Welt ass!

Dann: Däitsch a Franséisch sinn zënter ronn 8 Generatiounen eiser Schoulsproochen, dat vu 7 Joer un, d'Letzebuergesch ass hei amgang sech gutt ‚opzedin‘...dat ass **déi allerbescht Kautsch fir d'Weltsprooch Englesch**... *qui dit mieux?*!

Vläicht wier et och net vu Muttwëll, wann emol un **eng wëssenschaftlech Aarbecht iwwer déi lescht 60 Joer direkt an ëm 7-Kéiere-Roll vun der Actioun-Letzebuergesch** tëscht Deckele giff kommen...ouni déi et kee Gesetz, keen Arrêté a kee Verfassungsartikel, an domat keng institutionell Elementer giff ginn. Oder?

An dësem Sënn: Statistik, Respekt, mä...ahoi!

Heeschefra?

Mir hunn der Grande-Duchesse Charlotte an der Zäit (mat enger nationaler Souscriptioun!) e Monument operriicht, **dat haut zu de wichtigste Kulturelementer vu Stad a Land gehéiert**; iwregens d'Wierk vun deemselwechte Kënschtler, vun deem mir den De Gaulle an de Winston Churchill zu Paräis op de Champs Élysées fannen.

Den typesche Geste, deen si mat dem ugewënkelt rietsen Aarm hat, wollt de Sculpteur Jean Cardot mat erabrëngen; deen ass him dann an **en ze flaachen, bal 90° Wénkel** geroden, wat mir him mat der Commissioun an sengem Atelier och bemierkt hunn; de Grand-Duc Jean hat him ower e puer Deeg virdru mat Tréinen an den A gesot, hie soll si exakt esou loossen, dofir ass deen Aarm esou bliwwen; **d'Schrëft um Sockel ass eiser AL hire gudder Relatiounen ze verdanken**...mä, wannechglift: och wann e Speaker vun RTL emol eng Kéier vun enger ‚Heeschefra‘ geschwat huet, ass dat just en Zeeche vun **Onwëssen iwwer dat, wat d'Land deer groussere Fra a schwéieren National-, Sozial- a Krichszäiten ze verdanken huet.**

Mir fueren...

net ‚schnell‘ **mä séier!** An da fanne mir an dësem Streech och nach Wieder an eiser Sprooch, déi et nëmme mat engem letzebuergesche Gesiicht gëtt: **hannerzeg, vijenzeg, schëtzig, lues, tränteleg, gemelleg**... ‚Lues fueren‘ ass nun emol ‚langsam‘ am Däitschen, wou ‚leise‘ mat den Oueren ze din huet.

vum Lex Roth



...ass nun mol EISES

Dir git Honnerten eiser Ausdréck ëmsoss an aner Sproocher sichen; dorun denke mir ower net, well mir vill ze séier ‚mengen‘ et kimm dach aus dem Däitschen. ‚Quetschen och! Hei emol erëm en etlecher, vläicht och alt net grad esou ‚feiner‘:

E verlaufend Bëtschel – eng krappeg Zatz – eng kriddleg Pimpinella – e geckegt Hénkel – eng queesch Zara – e rosend Knadderkett – en ondugene Pätter – dee Klatzkapp gëtt sech net – de Bop patscht säi Kluef – dat Krappeg grangelt – du kriss elo eng an d'Akaul – eng houfreg Jëfferchen – e bretzege Houfersak – e vermengtent Schnuddelhong – knätsch net um Dësch – de Jang ronkt wann en entompt ass – ech huelen eng Schlippchen – dee schluppt wéi eng Onk – ech hunn Houf a Bloderen un de Féiss...

Hei dann e Spréchelchem an deem Sënn:

Net léif

**En Topert, en Trëllert, en Dabo, e Geck,
déi sicht dir ëmsoss an de Sproocher rondrëm;
e Klautchen, e Bëlles, eng Toz an eng Zeck,
sou léif Ausdréck hu mir an der Sprooch:
am Vernenne läit si da soubal nach net brooch!**

Ewell dru geduecht

...wéi wäit verschidderer vun eisen typeschen Ausdréck ‚an d'Breet‘ kënnen goen? Huel emol all déi, wou et negativ driwwer rieds geet, wann een eppes mécht; dofir kritt deen dann och nach en Numm domat ugehaang: **kniewelen – knätzelen – knéchelen – koschteren – piddelen**, déi et dann och nach dmeescht als Substantiv/Dingwuert gëtt: eng Kniewel, eng Knätzerei, Gekoschters, eng Knéchel; am nach méi breede Sënn als ‚eng Kniewel/ eng Knätz/ Knéchelei ...e Knieweler, Knätzeler a Knätzler fir e klengt Meedchen...probéiert och emol, dat alles an eng aner Sprooch ze iwwersetzen... dat gëtt ‚Krämpes‘...dat hei iwregens och alt erëm typesch eiser Wieder eent, mat deenen ee weise kann, datt Letzebuergesch ganz kloer net einfach als ‚schlecht Däitsch‘ bemokelt ka ginn...och dëst Verb erëm eiser eent, ob-schonn am Däitschen de ‚Makel‘ a ‚bemakeln‘ fënnt, ower sënne méisseg net dselwecht. Wéi ewell sou dacks hei gesot: Eleng d'Aarbecht op dësem wierklech intressante Gebitt giff eis Spezialiste vum Sproochzenter ‚laangstréheg‘ an Otem halen.

Nei Wieder?

Et gëtt an alle Sproocher Wieder déi ewechfalen, well et ‚d'Saach an d'Maach‘ net méi gëtt; dat huet dann d'meescht mat Technik ze din. **Et weess nach knapps ee wat eng ‚Siddekäerchen‘ ass**, en intressanten Ausdrock, dee mir aus dem englesche ‚sidecar‘ geléint an ugepasst haten; e ‚Stylo‘ oder Kugelschreiwier hu mir ni ugehol, mä äis et mam ‚Bic‘ méi einfach gemaach, deen d'Fransouse gelungenerweis net esou gebrauchen, obschonn et vun hirem Baron Biche kënnt. D'Engländer hunn **deer éischer Markennimm ee gehol, aplaz de ‚vacuum cleaner, den Hoover, grad ewéi d'Fransouse d'Gillette aplaz ‚lame de rasoir‘**... dat Ganzt en intressante Sproochphenomän.



Haut benotzen d'Fransouse de Begrëff d'Gillette aplaz „lame de rasoir“.

Foto: Shutterstock

Prosa a Gedichter

De Spréchelche vum ‚Treschen Nicki‘ oder ‚d'Amebitt‘, grad wéi eng ganz Rëtsch anerer ‚Witzen‘ a Liddertexter wieren ewell laang **vergiess, wann si net an engem bestëmmte Rhythmus/Takt geschriwe wieren.** Grad esou dem Marcel Reuland, dem Tit Schroeder, dem Pol Noesen, dem Pir Kremer asw. hir wierklech ‚geschméicheg‘ Gedichter a Liddertexter. Eise gudder **Reenert** an dem ‚Léierche säi Lidd‘ séitzen och ewell laang an engem Eck ze motzen, wann de Rodange seng ‚Sprooch am Takt‘ net esou formidabel am Grëff gehat hätt.

Net jidderee vun äis kann e Witz zumbeschte ginn. Wann en ower an eng Takt-a Reimform gesat ass, kréien och déi schapppegst ‚Rapperten‘ esou e Spaass un d'Leit. Genee dat ass **d'Grondiddi fir SCHNOKEN**, déi dir elo tëscht Deckele fannt; den 2. an och en drëttes Band kommen no...a sollen och eiser Sprooch souzesoen ‚eng Hand upaken‘.